B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

5 6

# Léisungen

## Widderhuelung 5-6

# Léisungen **Widderhuelung**

## *Lauschteren - Schreiwen* Säit 122+123

5 6

### *1. Lauschtert den Dialog a kräizt déi richteg Äntwert un oder äntwert op d'Froen.* 167

1. D'Sandy ...
A. ☐ hëlt eréischt zënter Kuerzem den Zuch, fir op d'Aarbecht ze fueren.
B. ☒ hëlt scho méi laang den Zuch, fir op d'Aarbecht ze fueren.
C. ☐ huet nach ëmmer den Zuch geholl, fir op d'Aarbecht ze fueren.

2. Den Yves brauch duebel esou laang mam Auto wéi mam Zuch, fir op d'Aarbecht ze fueren.
A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch

3. Wat fënnt d'Sandy praktesch um Zuch am Verglach mam Auto a mam Vëlo?
1. **E kënnt all 10 Minutten.**
2. **Hatt brauch keng Parkplaz ze sichen.**
3. **Hatt ass net scho verschweesst, wann et moies op der Aarbecht ukënnt.**

4. Wat fir eng vun dësen dräi Aussoen ass falsch?
A. ☐ Et kommen och Geschäfter an de Quartier.
B. ☐ Et gëtt nach vill Schantercher am Quartier.
C. ☒ Et wunne scho vill Leit am Quartier.

5. Firwat huet den Yves seng Kanner mam Auto an d'Schoul gefouert?
**Den Yves huet fonnt, datt seng Kanner nach ze kleng waren, fir de Bus ze huelen.**

6. D'Sandy ass der Meenung, datt d'Kanner och sollen zu Fouss an d'Schoul goen, wann et reent.
A. ☒ Richteg
B. ☐ Falsch

### *2. Lauschtert den Interview zum Theema „Demokratie an der Famill" a kräizt un, ob d'Aussoe richteg oder falsch sinn.* 168



| | | Richteg | Falsch |
|---|---|---|---|
| 1. | An der Lescht gouf bei der Famill Meyer méi gestridde wéi fréier. | X | |
| 2. | D'Elteren an d'Kanner hu wärend enger Woch d'Rolle getosch, fir sech géigesäiteg besser ze verstoen. | X | |
| 3. | D'Kanner konnten den Dagesoflaf decidéieren. | X | |
| 4. | D'Kanner konnten eleng decidéieren, wéi vill Sue si ausginn. | | X |
| 5. | Eng Woch laang hunn d'Elteren de Kanner misse follegen. | X | |
| 6. | De Papp huet sech a senger neier Roll direkt wuelgefillt. | | X |
| 7. | De Papp war zefridde mam Iessen. | | X |
| 8. | D'Kanner si gutt mam Budget fir d'Woch eens ginn. | | X |
| 9. | D'Kanner hu gemierkt, datt et och ka schwéier sinn, d'Soen ze hunn. | X | |
| 10. | D'Experiment war en Erfolleg. | X | |
| 11. | D'Kanner hunn d'Eltere positiv iwwerrascht. | X | |

## 3. *Lauschtert de Reportage. Iwwert wat fir Theeme gëtt geschwat? Kräizt un.* 169


© Cour grand-ducale / Lola Velasco

- [x] de Kanner hir Andréck
- [x] de Kanner hir Froen
- [ ] dem Grand-Duc seng Aufgaben
- [x] en Tour duerch de Palais
- [x] dat Gëllent Buch fir Gäscht
- [ ] d'Kleederuerdnung am Palais
- [ ] den Nationalfeierdag
- [ ] déi offiziell Fotoen
- [x] d'Opreegung virum Interview

## 4. *Lauschtert de Reportage nach eng Kéier, Sequenz fir Sequenz. Äntwert op d'Froen.* 170-173

1. Zu wat fir enger Occasioun goufen d'Kanner an de Palais invitéiert?
   **Fir de Weltkannerdag 2018**
2. Wéi war d'Stëmmung virum Interview?
   **D'Kanner waren opgereegt an nervös.**

3. Wou konnten d'Kanner sech androen?
   **Am Gëllene Buch vum Palais.**
4. Wou wunnt de Grand-Duc normalerweis?
   **Am Schlass zu Colmer-Bierg.**
5. Zu wat fir Theemen hu si Froe gestallt?
   **Zu den Theeme Beruffswënsch, Famill, Kachen, Autofueren a Sport.**

6. Wat wollt hie ginn, wéi hie kleng war?
   **Entweeder Dirigent oder Diplomat.**
7. Wuer geet hien net gär?
   **Bei den Zänndokter.**
8. Wat fir e Sport mécht hien net gär?
   **Joggen.**
9. Firwat kacht hien dacks an der Vakanz?
   **Hie kacht gär, mee seng Fra net.**
10. Firwat wier hie gär an enger biergerlecher Famill opgewuess?
    **Villes wier méi einfach gewiescht.**

11. Wat huet de Grand-Duc de Kanner nom Interview gewisen?
    **E puer exklusiv Plazen: De Bureau des Ministres an d'Appartementer fir déi offiziell Gäscht.**
12. Wéi huet de Kanner d'Visitt gefall? Nennt zwee bis dräi Andréck.
    **Et huet hinne gutt gefall, si hunn de Grand-Duc ganz léif fonnt, si hunn et eng eemoleg Experienz fonnt.**

(Dësen didaktiséierte Reportage baséiert op engem Reportage vun rtl.lu vum 20.11.2018.)

# Liesen – Schwätzen – Schreiwen Säit 124-126

*1. Liest déi dräi Texter a léist d'Aufgaben.*
*Schafft a klenge Gruppen.*

***Geografie***

1. Wat fënnt ee virun allem an der Muselgéigend?
   **Dat ass d'Wäigéigend an do fënnt ee virun allem Wéngerten.**

2. Firwat ass d'Haaptstad an eng Uewerstad an eng Ënnerstad opgedeelt?
   **D'Stad huet eng ganz speziell Topgrafie mat Deeler uewen um Platto an ënnen am Dall.**

3. Wéi gëtt d'Regioun am Süde vum Land genannt a firwat?
   **Déi Regioun gëtt „Terres rouges" genannt, well de Buedem do rout duerch d'Eisenäerz ass.**

***Bevëlkerung a Sproochen***

1. Firwat kann ee Lëtzebuerg e multikulturellt Land nennen?
   **Well hei Leit vu méi wéi 170 verschiddenen Nationalitéite liewen. Et gëtt eng aussergewéinlech Mëschung aus Nationalitéiten, Sproochen a Kulturen, déi sech a ville gesellschaftleche Beräicher spigelt: Gastronomie, Fräizäit, Sport, Educatioun …**

2. Wat ass den Ënnerscheed an der Verdeelung vun de Sproochen zu Lëtzebuerg am Verglach mat der Belsch?
   **D'Verdeelung vun de Sproochen ass net regional bedéngt, mee funktional.**

3. Firwat si Mobilitéit a bezuelbare Wunnraum wichteg politesch Theemen zu Lëtzebuerg?
   **Well d'Präisser fir bezuelbare Wunnraum zu Lëtzebuerg zimmlech héich sinn, schaffen zu Lëtzebuerg vill Frontalieren. Dat huet en Impakt op den Trafic an op d'Mobilitéit.**

***Geschicht***

1. Wat ass den Ursprong vu Lëtzebuerg?
   **963 huet de Grof Siegfried Lännereien zu Feelen géint e klenge Fort um Bockfiels getosch. Déi Plaz gouf an engem Dokument als „Lucilinburhuc" ernimmt, dat heescht „kleng Buerg".**

2. Wéi laang gëtt et de Grand-Duché vu Lëtzebuerg schonn a senger haiteger Form?
   **D'Gebitt vum haitege Grand-Duché gouf duerch den éischte Londoner Traité vun 1839 festgeluecht.**

3. Wéini an op wat  ir eng Manéier ass déi Lëtzebuerger Neutralitéit net respektéiert ginn?
   **1914 an 1940 sinn däitsch Truppen a Lëtzebuerg amarschéiert an hunn d'Land besat.**


# Liesen – Schreiwen Säit 128+129

1. *Kuckt d'Biller. Wat fir Problemer erkennt Dir op de Biller? Beschreift de Problem op all Bild mat engem kuerze Saz.*


*Zum Beispill:*





1. De Pak ass falsch geliwwert ginn.




2. De Pak ass ze spéit geliwwert ginn.



3. Et feelen e puer Schrauwen.



4. Ee Briet ass ze kuerz, et passt net an d'Regal.



5. Si si rosen a reege sech op.



6. Si schreiwen eng E-Mail fir ze reklaméieren.

# *Liesen – Lauschteren – Schreiwen – Schwätzen* Säit 130+131

1. *Liest a completéiert den Text mat Verben, déi passen. Meeschtens gëtt et méi wéi eng Méiglechkeet. Vergläicht duerno a klenge Gruppen an decidéiert, wat fir ee Verb am beschte passt.*

*Zum Beispill:*

All Joer, wann d'Schoulrentrée méi no kënnt, ginn et Campagnen, fir d'Elteren an d'Kanner fir d'Geforen am Stroosseverkéier ze sensibiliséieren. De Ministère, d'Police, d'Sécurité Routière, déi verschidde Schoulen an déi verschidde Gemengen, si all gi Rotschléi, déi zur Sécherheet um Schoulwee bäidroen. Et soll een d'Kanner mat Zäiten op de Schoulwee a seng Gefore virbereeden/preparéieren.
Dat heescht, et soll een net waarde bis de 15. September, mee schonn an der grousser Vakanz de Wee reegelméisseg üben/oftréppelen/goen an de Kanner bäibréngen/weisen/erklären, wéi ee sech richteg am Stroosseverkéier verhält. D'Eltere sollen de Kanner erklären/explizéieren/soen, wat fir Geforen et ginn a wou si speziell oppasse mussen. An dat Wichtegst ass natierlech, datt d'Eltere mam gudde Beispill virginn.
Et muss ee virun allem üben/trainéieren, wéi ee richteg iwwert d'Strooss geet. D'Kanner sollen ëmmer bei engem Zeebrasträifen iwwert d'Strooss goen. Si musse sech awer och bewosst sinn, datt d'Gefor och um Zeebrasträifen do ass. Dat heescht, si däerfen op kee Fall einfach eriwwerlafen/eriwwergoen, mee si mussen ëmmer fir d'éischt stoe bleiwen a kucken, ob keen Auto kënnt. Am Idealfall mussen d'Kanner natierlech guer net iwwert d'Strooss goe bis bei d'Schoul, mee dat ass leider net ëmmer méiglech. Op jidde Fall gëllt, datt ee roueg méi e laange Schoulwee eraussiche/wiele soll, wann dee manner geféierlech ass wéi deen noosten, och wann dat heescht, datt d'Kanner en Ëmwee musse goen.
D'Kanner sollen och déi richteg Kleeder a Rucksäck um Wee fir an d'Schoul unhunn.
Hell Jacketten a Mäntel hëllefen dobäi, d'Kanner an der „donkeler Joreszäit" besser ze gesinn/bemierken/erkennen. Et sollt een och drun denken, Kleeder a Schoulsäck mat gutt siichtbare Reflekteren ze benotzen. Esou kënnen d'Automobilisten d'Kanner scho vu Wäitem gesinn/bemierken/erkennen a besser reagéieren.
Bei all deene Virsiichtsmoossnamen ass et awer och wichteg, de Kanner keng Angscht ze maachen. Si sollen d'Gefore kennen, awer si sollen net fäerten.



*2. Liest den Text a lauschtert den Interview. Äntwert duerno op d'Froen, andeems Dir d'Informatiounen aus dem Interview an Ären eegene Wierder erëmgitt.* ***174***

*Zum Beispill:*

1. Wat ass geféierlech drun, wa vill Elteren hir Kanner mam Auto an d'Schoul bréngen?
**Vill Leit komme gläichzäiteg mam Auto un, verschidde Kanner kommen zu Fouss, et ass vill Duercherneen op dem Parking.**

2. Wat ass de Problem mat deene spezielle „Kiss&Go"- Parkplazen?
**Et ass net genuch Plaz fir jiddereen. Ausserdeem encouragéiert dat d'Leit, mam Auto ze kommen, amplaz de Kanner de sécherste Wee zu Fouss ze weisen.**

3. Wat fënnt den Här Glesener net gutt um Pedibus?
**De Pedibus hëlleft de Kanner net, selbstänneg ze ginn, well ëmmer een Erwuessenen dobäi ass.**

4. Um Land ass vill manner Trafic. Trotzdeem ass et do och geféierlech fir d'Kanner. Firwat?
**D'Autoe fuere méi séier, et gëtt dacks keng richteg Trottoiren an de Wee fir an d'Schoul ass oft méi wäit.**